mouvement
écologique

Un all Member vum
Mouvement Ecologique

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2026

Léiwe Member,

Dir sidd häerzlech agelueden op de

# Kongress 2026 vum Mouvement Ecologique

## Zesumme si mir eng staark an onofhängeg Stëmm

**Profitéiert och dervun, datt am zweeten Deel vum Kongress d'Waasserwirtschaft am Fokus steet: Wat ass den Zoustand vun eise Gewässer, eisem Grondwaasser a vum Drénkwaasser zu Lëtzebuerg? Wat muss gemaach ginn? Mam Dr. Marc Hans, Direkter vum Waasserwirtschaftsamt**



**Mëttwoch, de 25. Mäerz 2026 um 18.15 Auer**

**am Oekozenter Pafendall
6, rue Vauban, Lëtzebuerg**

Et ass wichteg an et wär ganz flott, datt Dir op de Kongress kommt, och wann Dir soss net aktiv am Mouvement Ecologique sidd.
Duerch Är Präsenz um Kongress weist Dir Är Solidaritéit an Är Ënnerstëtzung fir de Mouvement an den Aktiven, datt sech hiert Engagement lount. Natierlech kënnt Dir och positiv oder kritesch Umierkunge maachen an Iech iwwert d'Situatioun am Waasserberäich informéieren. Grad an dësen Zäiten ass et wichteg, sech esou weiderhin gemeinsam Courage ze maachen sech fir eng nohalteg Welt anzesetzen!

**Den Ofschloss ass bei engem Patt a „Walking Buffet"**

**Fir d'Organisatioun ze erliichteren a wéinst dem Iesse wier et léif, wann Dir Iech géift umellen: meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1**

You find an invitation in English on www.meco.lu - but the meeting will be held in Luxemburgish.

Vous trouvez une invitation en français sur www.meco.lu. - la langue parlée sera le luxembourgeois

# Den Oflaf vum Kongress 2026

18.00 **Accueil vun de Memberen - duerno ass de statutareschen Deel**

18.15 **Begréissung a Ried vun der Presidentin**

18.30 **De Bilan vun den Aktivitéite vum Joer 2025, mat engem Ausbléck an d'Zukunft, opbereet mat Biller an enger klenger Analyse wat erreecht gouf vu:**

- Mouvement Ecologique a move.
- Oekozenter Pafendall
- Stëftung Oekofonds
- Klima-Bündnis Lëtzebuerg

*Remarken / Ureegunge vun de Membere sinn erwënscht. Gäre kënnt Dir eis se och am Virfeld matdeele via meco@oeko.lu.*

18.50 **Bilan 2025 - Budget 2026**
**Finanzrapport vum Tresorier a vun de Keese-Revisoren - Decharge**

19.00 **Decharge vum Verwaltungsrot**
**Neiwal vu Membere vum Verwaltungsrot a vun de Keesen-Revisoren**

*Kandidature fir de Verwaltungsrot solle wgl. schrëftlech bis den 21. Mäerz beim Mouvement Ecologique (meco@oeko.lu) eragereecht ginn.*

**Fräi Aussprooch**




19.15 **Austausch mat dem Direkter vum Waasserwirtschaftsamt Dr. Marc Hans**

**Wat ass den Zoustand vun eise Gewässer, eisem Grondwaasser a vum Drénkwaasser zu Lëtzebuerg? Wat muss gemaach ginn?**

Den Dr. Marc Hans wäert déi aktuell Situatioun am Waasserberäich an Aarbechtsschwéierpunkte vun der Verwaltung virstellen. Duerno ass en oppenen Austausch virgesinn, wou et bestëmmt ënnert anerem em follgend Theme wäert goen:

- **Zoustand an Entwécklung vun de Gewässer an dem Grondwaasser**: Erreecht Lëtzebuerg seng Ziler an dësem Beräich? Wéi ee Rôle spillen déi verschidden Acteuren? Wéi kënne mir gemeinsam weider kommen?
- **Qualitéit vum Drénkwaasser**: Wéi steet et mat der Belaaschtung duerch Ewigkeitschemikalien?
- **Entwécklung vun de Grondwaasserreserven**: Si se erëm gefëllt oder nach net?
- **Versuergungssécherheet**: Packen eis Waasserreserven eng steigend Bevëlkerungszuel an och déi ekonomesch Entwécklung vum Land? Wéi „resilient" ass d'Waasserversuergung a wéi kënne mir dës laangfristeg garantéieren?
- **Ëmsetzung vun de Renaturéierungen**: Wat sinn Erausfuerderungen ? Wéi kennen se méi séier ëmgesat ginn?
- **Wéi geet et viru mat de Kläranlagen**: Stéchwuert Mikroplastik?
- **Wéi ëmgoe mat der Klimaverännerung am Waasserberäich?**: Zum Beispill Stéchwuert «Schwammstadt».



**Merci, datt Dir op de Kongress kommt! Merci wann Dir eis am Virfeld sot, datt Dir op de Kongress kommt, dat erliichtert eis d'Organisatioun (meco@oeko.lu).**

Léif Gréiss

Blanche Weber
Presidentin

Emile Espen
Tresorier



**Falls Dir soss Remarken zu oder Ureegunge fir d'Aktivitéite vum Mouvement Ecologique hutt, deelt eis et mat: meco@oeko.lu.**

## Zu Fouss / mam Bus / Zuch op de Kongress

**Zu Fouss:** Aus der Uewerstad mam Panorama-Lift (Agang am Park "Pescatore", da ca. 4 min. bis bei den Oekozenter oder zu Fouss vum Fëschmaart an de Pafendall (ca. 10 min.).

**Mam Bus:** Bus AVL No. 23 a No. 26 Haltestelle "Théiwesbuer" oder Vauban.
Alternativ: mat enger Bus-Linn bis bei d'Fondatioun Pescatore an da mam Panorama-Lift an de Pafendall. Infoen zu de Busverbindungen: www.mobiliteit.lu

**Mam Zuch:** aus dem Norden oder vun der Gare-Lëtzebuerg bis op d'Gare Pafendall-Kierchbierg, duerno ca. 10 min. zu Fouss bis bei den Oekozenter.

**Mam Vëlo:** aus der Uewerstad ënner anerem mam Panorama-Lift an de Pafendall - oder mam Zuch vun der Gare-Pafendall / Kierchbierg aus. En iwwerdaachte Vëlosstand ass direkt beim Oekozenter

**Mam Auto:** am beschten um Parking "Glacis" parken an da mam Panorama-Lift (Agang am Park "Pescatore", da ca. 4 min. bis bei den Oekozenter). Am Pafendall si ganz wéineg Parkplazen.

De Mouvement Ecologique:
Lieweg, kritesch, engagéiert

mouvement
écologique